PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Bildung weiderzeleeden.

Zu Rodange gëtt aktuell d'Gare ganz frësch gemaach an ausgebaut. Am Kader vun dësen Aarbechte gëtt och d'Busgaren aktuell nei gemaach an erweidert. Bis dës Aarbechte fäerdeg sinn, mussen d'RGTR-Busser anzwousch anescht stoe goen. Verschidde Busser fueren deemno queesch duerch d'Gemeng op der Sich no enger Parkplaz.

De Busparking beim Lycée Mathias Adam (Kadasterparzell 933/4221) wier eng adaptéiert Plaz dofir. Op dësem Parking, engem Staatsterrain, deen zentral läit, wier flächeméisseg genuch Plaz, fir dass d'Buslinnen hei eng Paus aleeë kéinten. Ausserhalb vun de Schülertransportzäite gëtt dëse Parking net déi ganzen Zäit genotzt an ass net komplett ausgelaascht. Ech gouf awer gewuer, dass d'Schouldirektioun vum LMA refuséiert hiren Terrain fir aner Busser wéi dem Schülertransport zur Verfügung ze stellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn d'Servicer vu béide Ministèren um Courant dovunner, dass den RGTR-Linnen den Accès op de Busparking vum LMA refuséiert gouf?
2. Wäerten d'Ministeren an dësem Fall intervenéieren, fir d'Notzung vun den ëffentlechen Infrastrukturen méi effizient ze gestalten?
3. Wat fir eng Aarbechten kéinten gemaach ginn, fir dass de Busparking beim LMA als Aire de Repos genotzt kéint ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député